LSAP

N°1469
Entrée le 06.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.11.2024
Chambre des Députés

Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence : 706/2024
-7 NOV. 2024
A traiter par :
Copie à :

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 5. November 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 9. Mee 2008 iwwert d'Hënn gesäit vir, dass all Hond, dee méi wéi véier Méint al ass, muss gechippt sinn. Hondsbesëtzer mussen hier Hënn op der Gemeng umellen an eng Hondssteier bezuelen.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen:

- Wéi huet d'Zuel vun den enregistréierten Hënn an de leschte fënnef Joer evoluéiert? Ass déi Zuel wärend der Covid-19 Pandemie däitlech an d'Luucht gaang?
- Wéi huet an deem Zäitraum d'Zuel vun de sou genannte "Lëschtenhënn" evoluéiert?
- Gëtt et Schätzungen, wéi vill Proprietären hiren Hond net umellen a wéi héich den Undeel vun Hënn zu Lëtzebuerg ass, déi net gechippt sinn?
- Wéi gëtt d'Anhale vun der Meldeflicht kontrolléiert?

Mat déiwem Respekt,

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1469 vun der éierbarer Deputéiert Claire Delcourt**

1. **Wéi huet d'Zuel vun den enregistréierten Hënn an de leschte fënnef Joer evoluéiert? Ass déi Zuel wärend der Covid-19 Pandemie däitlech an d'Luucht gaang?**

Unzuel vun den enregistréierten Hënn fir déi lescht fënnef Joer:

2019: 43342
2020: 44694
2021: 45070
2022: 46814
2023: 46674

D'Zuele weise fir d'Joren 2019-2022 eng steteg Augmentatioun vun der Unzuel vun den enregistréierten Hënn woubäi déi gréissten Augmentatioun fir d'Joer 2022 ze notéieren ass ( + 1744 Hënn resp. +3,87%). Am Joer 2023 goung d'Zuel vun den Hënn déi 1. Kéier liicht erof (-140 Hënn resp. -0,3%). Am Ganzen ass et iwwer déi Joren eng Hausse vu 7,69%.

2. **Wéi huet an deem Zäitraum d'Zuel vun de sou genannte "Lëschtenhënn" evoluéiert**?

Unzuel vun den enregistréierte Lëschtenhënn fir déi lescht fënnef Joer:

2019: 631 (1,46% vun den Hënn)
2020: 658 (1,47% vun den Hënn)
2021: 675 (1,5% vun den Hënn)
2022: 709 (1,51% vun den Hënn)
2023: 707 (1,51% vun den Hënn)

3. **Gëtt et Schätzungen, wéi vill Proprietären hiren Hond net umellen a wéi héich den Undeel vun Hënn zu Lëtzebuerg ass, déi net gechippt sinn?**

Et gëtt keng Statistiken/Zuelen iwwer net ugemellten oder net gechippten Hënn zu Lëtzebuerg.

4. **Wéi gëtt d'Anhale vun der Meldeflicht kontrolléiert?**

D'Hënn mussen op der Gemeng ugemellt ginn, déi d'Leit och doriwwer informéiert. Weiderhi kënnen d'Agents municipaux Kontrolle vun Hënn op der Voie publique maachen, an och am Kader vu Plaintë gëtt kontrolléiert, ob se op der Gemeng ugemellt sinn.

Lëtzebuerg, den 21. November 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN